Guden Jean-Pierre, Diekirch	1.000.-	Kousmann Emile, Wormeldange	100.-
Reinert Nic., Schouweiler	250.-	Weyrich Jos., Wormeldange	100.-
Olinger-Scholer Jean, Moestroff	500.-	Kohl Léon, Wormeldange	100.-
Mme Matgen-Budinger, Diekirch	1.000.-	Stephany Emile, Wormeldange	100.-
Mme Ries-Theisen Raymond, Luxbg.	300.-	Weyrich Pierre, Wormeldange	100.-
E. d. F., Section Luxembourg	1.000.-	Greis Camille, Wormeldange	100.-
Banque Générale, agence Diekirch	1.000.-	Thewes Ernest, Ahn	100.-
Becker Jean	1.000.-	Apel Jos., Ahn	100.-
Schmitz Joseph, Diekirch	500.-	Becker Thed., Ehnen	100.-
Lux Joseph, Sandweiler	200.-	Konert Jean, Wormeldange	100.-
Nicolas Eugène, Diekirch	300.-	Franck Otto, Wormeldange	100.-
Leyder-Faber René, Diekirch	1.000.-	Ligue Ons Jongen, Grevenmacher	500.-
Anonyme Diekirch	1.000.-	Stranen Jean, Wiltz	300.-
d'Jongen vum Hamburg-Vansbeck	1.000.-	Olinger Joseph, Godbrange	500.-
Weirich Jos., Dudelage	1.000.-	Elcheroth Jos., Diekirch	500.-
Nicolas-Kalmes Armand, Diekirch	200.-	Frieseisen Joseph, Hosingen	500.-
Kremer Pierre, Esch-Alzette	500.-	M. et Mme Wolff Léopold, Eischen	500.-
Roth Henri, Diekirch	1.000.-	Commune de Bastendorf	5.000.-
Meyer Pierre, Schifflange	500.-	Schwininger Pierre, Diekirch	200.-
E. d. F., section Junglinster	4.000.-	Wolter Marcel, Diekirch	500.-
Pultz-Woltz Léon, Moutfort	500.-	Heiles Charles, Rodershausen	500.-
Grasges Nicolas, Strassen	500.-	Mme Reding-Thein, Niederpallen	500.-
Lambert-Mathieu François, Wiltz	1.000.-	E. d. F., section Echternach	1.000.-
Michels Jean, Pétange	500.-	Commune d'Ettelbruck	5.000.-
Nickts-Goffinet Pierre, Esch-sur-Sûre	300.-	Leick Camille, Reisdorf	500.-
Reiser René, Hobscheid	500.-	Majerus Nicolas, Esch-Alzette	1.000.-
Thill Roger, Wormeldange	100.-	Total francs:	675.400.-
Steinmetz Jos., Wormeldange	100.-		
Schartz Pierre, Wormeldange	100.-		
Mme Schartz Pierre, Wormeldange	100.-		
Fischer Albert, Wormeldange	100.-		
Pundel Léon, Wormeldange	100.-		
Steinmetz Pierre, Wormeldange	100.-		
Mertz René, Wormeldange	100.-		

. . . und steht dieserhalb auf dem Podest der internationalen Ehre auf höchster Stufe.

Durch seinen extrem hohen Prozentsatz an Kriegsoffern! Und in welchem Verhältnis zu dieser Opferzahl die Zwangsrekrutierten stehen ist oben angegeben.


Doch trotz des honorablen Fazits, daß das Gewicht der Enrôlés auf der internationalen Anerkennungswaage den Ausschlag gibt, somit als Renommée der Nation gilt, wird unsere Forderung für dieselbe Anerkennung auf nationaler Basis verschiedenerorts immer noch als Blasphème, als schlichte und einfache Gotteslästerung gedeutet.

P. S. Wir registrieren für unsere Sache dankbar die sich mehrenden Pro-Bekanntnisse politischer Provenienz. Das mittlerer Weile bereits jedem bekannte Contra bestätigt nur die demokratische Regel. Auch hier werden Zahlen spielen, die von Pro und contra. Wir kennen heute schon das Verdikt!

siuda robert

Iwerweist op ee vun de Konte vun der Amicale «ONS JONGEN», Dikkerich : Banque Générale No. 324/0-08544/02 oder Compte Chèque Postal No. 33556-91 mat dem Vermierk: Calvaire vun den E.d.F.

Differdingen



Fernand BAULER

**Président vun den Enrôlés de Force,
Sektioon Déifferdang**

Gebuer am Joer 1923 zu Déifferdang, huet de Baulesch Fernand deene Joergäng ugehéiert, deenen hirt Lous et war, déi bëscht Joer vun hirem Liewen vun engem onerbittlechen Okkupant gestuel krit ze hun, well deen se verschleeft hat, fir se op déi nidderrächtestg Manéier aus dem Wee ze schaafen.

Voller Heemechtsléiw, opriichteg a kome-rodschaft, wéi déi vun der Generatioun se kenteren Zäiten, war de Fernand een vun den Initiateuren beim Opbau vun der Déifferdanger Sektioon vun den Enrôlés de force.

20. Abrël 1980

KONGRESS

vun der

Association des Enrôlés de Force, Victimes du Nazisme

zu Dideléng

Wéi mir deen Dag zu Dideléng ukoumen, mir ware scho mat gudder Zäit do, war schon en emsege Betrieb am Paaregebei, do wou de Kongress vun den E.d.F. sollt oofgehale gin. Nodrëglech muss ee soen: Déi Didelénger Komerodinnen a Komeroden kennen hir Saach. Si haten alles wonnerbar organiséiert an et huet de ganzen Dag duerch geklappt wéi um Schnéierchen.

14 Les Sacrifiés

Léiwe Fernand!

Mir wërden Dech nie vergiessen. Eng Kome-rodschaft, wéi déi vun der Generatioun ze kennen, déi am grouse Misär an ënner mënschen-onwierdegsten Zoustänn zesumme-geschweesst gi sin, kann esou einfach nët verschwannen. Si dauert iwwert d'Graf ewech.

Den Heemechtsbuedem, deens Du esou gären has, sief Der liicht.

Déng Déifferdanger Komeroden, grad ewéi all aner Enrôlés de force, halen d'Undenken un Dech héich an Eiren.

Après le décès prématuré du cher camarade Fernand BAULER, président de la section des E.d.f. de Differdange, les différentes charges au sein de son comité furent redistribuées. Le comité a donc la composition suivante :

Président:	Benoît Jos.
Vice-Président:	Heinen François
Secrétaire:	Koehler Charles
Trésorier:	Schmit Marcel
Porte-Drapeau:	Promme Jos.
Membres:	Foetz Nic. Hoffmann Jos. Schimberg Carlo Wilmes Mich. Krippler Victor Maylender Albert
Les réviseurs de caisse:	Meyer Roger Pauly Henri

Ponkt véierel virun néing Auer gong et un. Vun alle Säiten hier aus dem Land haten ons Sektioonen hir Delegéiert no Dideléng geschéckt. De Sall war voll, wéi de Jos. Weirich, de President vun der Didelénger Sektioon virun de Micro getratt as. An eisem Bericht gi mir des Kéier d'Texter integral erëm, esou wéi se um Kongress geschwat gouwen, well mir et mat der «Aktioun Lëtzebuergesch» halen.

1980, No 5

Begréissungsusprooch

vum Jos. Weirich.

Dir Dammen an Dir Hären!

Léiw Komerodinnen a Komeroden!

Ech heeschen iech all häerzlech wëllkomm hei zu Dideléng. Et mëcht mir a menge Komeroden aus der Didelénger Sektioon eng grouss Freed, dat och mir eng Kéier Geléenheet kruten, de Kongress vun der Association des Enrôlés de Force, Victimes du Nazisme bei eis ze hun. Ech hoffen a wënschen, dass der iech all wuelfillt, zefridde sit mat ons an iwwer de Verlaaf vum Dag. Virewech wëll ech gläich den Comité vun der Didelénger Sektioon en opriichteg Merci soen, fir déi Arbecht déi d'Comités-Memberen geleescht hun. E spezielle Merci dem Organisationscomité, un der Spëtzt de Benoit's Jos. Als Nët-Member vum Comité huet hien eng gut Arbecht gemaach. Merci och dem Komerod Arsène Diederich, deen agesprongen as fir de Keessier, dee gesontheetlech awer och guer nët op der Héicht as. En anere Komerod, den Henri Muller, huet d'Plakate gemolt a fir den Dekor gesuergt. Selbstverständlech soen ech och dem Här Paschtouer Merci, grad wéi dem Gärtner, déi matgeholf hun dese Sall ze rëschten.

Et as eng Selbstverständlechkeit, dass mir E.d.F. op onse Kongresser fir d'alleréisch un ons Komerodinnen a Komeroden denken, déi nët méi bei ons sin. En etlech vun hinnen leien den Didelénger besonnesch um Häerz. Si wëll ech hei zitieren. Et sin dat ons onvergiesslech Sekretären, déi vun der éischter Stonn un derbäi waren, de Moren Félix an de Barthel Mars. En anere Komerod verdingt et och erviergestrach ze gin, well, wéi den däitsch-lëtzebuergesch Reparatiounsvertrag ausgehandelt a bekannt gi war; wéi mer an enger Generalversammlung vu Dideléng doriwwer geschwat hun, an et zur Grënnong vun onser Assoziatioun koun, ufanks war et den Aktiounscomité, dun war et deemols onsen Didelénger Komerod Pol Théobald, deen d'Iddi hat a sot: Wa mir eppes erreche wëllen, da mussen mer ons fest zesummendoen, a mer mussen ëmmer op der Hut sin, alles ënner een Hut setzen a geschlossen virgoen.

Zun. Schluss nach ee Numm, a. z. deen vum Jhang Wolter. Och hien war en Didelénger an e Komerod vun ons. An hien hate mir vill Hoffnungen gesat. Leider koun säin Dout vill ze fréi.

Ech hu mir erlaabt des puer Nimm ze nennen, stellvertriedend fir déi terribel vill Komerodinnen a Komeroden, déi den Dout aus onse Reihe gerappt huet. Vum éischte Januar deses Joers un bis de 17. Abrël si schon nees 57 Jongen a 26 Meedercher vun onse Joergäng gestuerwen. Ech bieden iech ze erhiewen fir an enger stëller Minut all onsen Doudegen ze gedanken.

1980, No 5

Léiw Komerodinnen a Komeroden!

Mir hun onsen Ordre du jour an zwee opgedeelt. Am éischten Deel wëlle mer, esou séier wéi mer et kënnen, déi intern Ugeléenheeten vun der Associatioun behandelen. Géint 10 Auer maache mer eng kleng Paus. Da geet et weider bis 11 Auer. Duerno gi mer bei d'Monument fir Blummen nidderzeléen.

Wéinst der Wichtigkeit vun onsem Problem, deen esou wéi ons Regierung et versprach huet, nach dest Joer an der Chamber diskutéiert soll gin, hu mir e perséinleche Bréif un all Deputéiert vun onse Joergäng geschriwen. Mais och all aner Deputéiert sin invitéiert gin, bei ons ze kommen, fir ze héiren, wat ons Fuerderonge sin, wat ons lwwerléonge sin a sech ze iwwerzeegen, firwat d'E.d.F. stännech op der Bresch stin a wuerfir si sech asetzen. Mir hun deene Leit gesot, et géing duer, wann si um 10 Auer hei hinner kéimen. Ech hoffen, dass mer dann nach anerer vun desen Dammen an Hären begrësse kënnen. Ech soen schon elo deene Komerode Merci, déi am Ament bei ons sin.

Invitéiert gouwen och déi dräi Memberen vun der Regierungsdelegatioun, déi mat enger Delegatioun vum Fédérationscomité verhandelt. Regierungssäiteg sin dat, den Här Staatsminister Pierre Werner an d'Ministeren Jean Spautz a René Konen. Den nächsten Donneschtag treffen sech déi zwou Delegatiounen fir e weidert Gespréich iwwert d'Léisong vun onsem Problem ze féieren. Den H. Pierre Werner hat zougeseit, haut hei hin ze kommen. Gëschter Owend huet hien ons telephonesch matgedeelt, e wier elo jhust eremkom aus senger klenger Vakanz, an et géing dermoossen Aarbecht op hie warden, dat et him onméiglech wier, haut op Dideléng ze kommen, mais de Minister Spautz, dee gief kommen.

Wat as ons Aufgab,

wat bezwecke mer mat onsen Aktiounen a wat as onst Ziel? D'Entwert as déi hei: Mir hätten onse Problem gäre geléist. An déi Situatioun, wouranner mir eramanövréiert gi waren, an hu mussen an d'Wahle goen, dat war awer och glatt nët normal. Et as nët ons Missioun, Politik ze maachen. Wuerfir mir äis konstituéiert hun, hat keen aneren Zweck, ewéi ons Interessen ze verdeedegen, an esou laang ze kämpfen, bis ons gerecht Fuerderongen erfëllt sin. Dat war a bleiwt onst Ziel.

An der Eenegkeet läit ons Stärkt!

esou wéi dir et hei op desem Transparent gesit, wëlle mir weiderfueren an nët ophalen, bis mir onst Ziel errecht hun. An deem Sënn maachen ech den 1980ger Kongress op. Als éischten schwätzt de Belmer Jhemp. Hien dréit iech den

Les Sacrifiés 15

vier.

Léiw Komerodinnen a Komeroden!

A genee 20 Deeg jäert et sech fir 40zegt Mol, dat iwwert Europa, mat der Invasioun vun de westleche Länner duerch d'preisesch Wehrmacht, eppes ewéi e Weltënnnergank eragebrach as. An 18 Deeg sin et 35 Joer, dass desen, säit Mënschegedenken, uregste Krich zu Enn war. Mir, déi d'Chance haten z'iwwerliewen, wéi Milliounen Leit op de Ruine soutzen, materiell a moralesch um Enn waren, mir E.d.F. erënneren äis awer och, dat mir deemols op de Ruinen vun eiser Jugendzäit soutzen, déi se ons gestuel haten, wéi arem, krank an esouguer verstouss mir waren.

Jo, verkannt a verstouss si mir bis op den heitegen Dag. Grond genuch, dat mir am lëschte Joer eng Aktivitéit entwéckelt hun, wou vill anerer, misste si äis et nomaachen, eng Stopp- luecht misste weisen.

11. 1. 1979 Fédératioussëtzung. Deen Dag loug de Schnéi héich, Ursaach virwaat deen Owend nëmmen 8 Comitésmembere sech mat hiren Autoen op d'Strooss gewot haten, fir an d'Stad ze kommen. Mat enger lamentabler Affär hu mir äis deen Owend befaassen misse, engem Wësch, deen als Entête «Unio'n» dréit. Doran huet e glungene Patréiner versicht ze bewisen, dass d'E.d.F. den Titel «Resistenzler» nët verdingt hätten. Kann een vun iech sech erënneern, dat mir dee jemols verlaangt hun? Weider soen déi vun der «Unio'n», den Titre «Mort pour la patrie» fir déi aus onse Reihen, déi an de Fronten ëmkom sin, wir nët ubruecht. Wann Däitschland awer bereet wir ze bezuelen, da misst dat Geld integral dem Lëtzebuerger Staat zoukommen. Un Hand vun Rechenexempelen gët dann, soi-disant, nogewisen, d'E.d.F. hätten méi vum lëtzebuergesche Staat bezuelt krit, wéi d'Resistenzler. Hei jhust ee Beispill vun deem Rechemeeschter: En E.d.F., deen 30 Méint fort gewiescht wär, soll 41.500 Frang krit hun. As v'läicht een esou hei bannen? Eng Victime patriotique hätt fir déi selwecht Zäit nëmmen 40.500 Frang krit.

Un a fir sech as dat do fir ons näischt Neits. Mais aner Leit, wéi déi am Conseil d'Etat, an der Regierung an d'Deputéiert, un déi dee Wësch gericht war, gi virsetzlech irgeleet. Eng Unio'n, déi anscheinend näischt Besseres ze maache wees, wéi hir al a faul Dommages de guerre-Läichen auszegruewen, fir se deenen héigen, statlechen Instanzen zouzespillen. Gewëss as dat esou munnechem Géigner vun den E.d.F. Waasser op d'Millen. Et as onst Recht an ons Pflicht äis géint d'Intrigen vun esou Leit eneresch ze wieren. Esou e Rechemeeschter, wéi d'Unio'n een do huet, sollt dem Finanzminister recommandéiert gin. Da géiw et lëscht gin.

18. 1. 1979 Fédératioussëtzung. Wéi der am Bülletin «Les Sacrifiés» liese konnt, gouf do den integralen Text vun deene béiden Avis'en oofgedrëckt, déi de Staatsroot zur proposition de loi Grandgenet, Nr. 1790, oofgin huet. Well d'Sprooch vun eise Gesetzer an den Texten rondrëm se dem normale Stierwlechen nëmme séier schwéier verständlech sin, gong des Sëtzung drop, déi béid Avis'en ze studéieren an ze analyséieren. Et gouwen dann och munnech Hoer an der Zopp fond. Beschloss gouf, en Aide-mémoire auszuschaffen, wouranner eng Rei Saachen widerluecht an anerer kloer gestalt gouwen.

25. 1. 1979 Comitésëtzung vun der Association, an dèr d'Statuten vun der Association des survivants des E.d.F. redigéiert gin.

1. 2. 1979 De Fédératiounscomité befaasst sech an der Haaptsaach mat enger Conventioun, déi vun der Eisebunnsdirektioun ausgeschafft gi war. D'Eigentumsrecht vun dem Terrain an de Gebeilechkeeten vun der Hollerecher Gare gët der Fédératioun iwwerdroen.

Dem André Frisch, President vun der stater Sëktioun, gin eng Rei Chargen zougedeelet am Zesummenhank mat der Restauratioun vun der aler Hollerecher Gare.

Zu dèr Zäit as um drëtte Preis de Film Holocaust gewise gin. Och mir ware beandrockt der-vun. Mir hun vun der Geléenheet profitéiert, fir drun ze erënneren, dat d'Nofolger an d'lerwen vum III. Räich onsem Land nach allerlee Reparatiounen schëlleg sin. Mir hun dem III. däitsche «Fernsehen» an dem Här Scheffler, dem Moderater vun den Diskussiounen no dem Film, verschidden Objektiounen zoukomme gelooss.

An derselwechter Sëtzung gouf beschloss, eng Plakat-Aktioun duerchzuführen. Vun der vierrechter Regierung war héich an helleg versprach gin, an dat zum Schluß vun hirer Amtsperiod, de projet de loi Nr. 1790 nach virun de Wahlen vum 10. Juni virun d'Chamber ze brennen. Ons Aktioun huet nët stattfond, well d'Regierung dat nët gemaach huet, wat se versprach hat.

7. 2. 1979 De Comité vun der Associatioun as deen Dag zesummen mat deem vun de Survivants des E.d.F. fir d'Statuten vun der jonker Associatioun unzehuelen an des an hir Arbechten anzeféieren.

8. 2. 1979 De Comité vun der Associatioun befaasst sech mat dem Projet vun engem Musée de la déportation civile et militaire, deen an der Hollerecher Gare ageriicht gi soll.

10. 2. 1979 Generalversammlung vun der Schëfflenger Sëktioun.

12. 2. 1979 Réunion de travail. Kuerz viru Joersenn hat de Regierungspresident G.

Thorn onsem President Jos. Weirich gesot, mir E.d.F. géingen dauernd eis Meenong revidéieren a mir wëssten nët, wat mir wëlle géingen. Mir sollten him elo soen, wat mir dann wierklech

wëlles hätten a wat mir verlaange géingen. Doriwwer sollt en offizielle Rapport gemaach gin. (Mir waren alt der Meenong, jhust dat géing dach den Här Thorn esou gut wëssen, wéi keen anerer hei am Land.) Den Här Thorn hat proposéiert, eng neutral Persoun ze chargéieren, fir dese Rapport auszuschaffen. Et sollt dat en Dokument iwwert d'Fuerderongen vun den E.d.F. gin, dat als Ennerlaag bei den Debatten an der Chamber déinge sollt. Deemols hu mir äis gefrot, ob dat alt alles echt soll sin. Fir dat Dokument auszuschaffen, gouf dann den Här Rauchs bestëmmt.

13. 2. 1979 Deen Dag sin tëschen den Hären Thorn, Rauchs a Weirich d'Modalitéiten festgeluecht gin, fir de Rapport iwwert d'Fuerderongen vun den E.d.F. auszuschaffen.

Mir haten d'Gefill, a konnten es nët lass gin, dat dest nees eemol esou en Trick wir, fir äis ze verschaukeln. D'Chamberwahlen stongen virun der Dir.

15. 2. 1979 Am Comité vun der Associatioun gouf d'Situatioun frësch a grëndlech analyséiert. D'Resultat war direkt déprimant. Alles wat sech op Regierungsplang an deem Ament gedoen huet, war schaufel. Keen vun ons huet méi dru gegleewt, dat nach irgend eppes am positive Sënn geschéie géif. Mir waren an eng Saakgaass manövréiert gin, aus der mir hu misse erauskommen. Et gouf decidéiert eng aussergewöhnlech Generalversammlung vun der Associatioun an den Delegéierten vu sämtleche Sëktiounen anzeberuffen, fir do no engem Wee ze sichen, aus der miserabelen Situatioun eraus ze kommen, an déi mir gerode waren.

Dee selwechten Owend gouf och beschloss, dat d'Komeroden Julien Coner an Charles Baddé, zesummen mat dem Jhempy Kemmer, en Disque mat Lëtzebuerger Lidder maache sollen, deen d'Fédératioun erausbréngt. Desen Disque, resp. och d'Kassett as drop an drun, dat se ferdig sin.

19. 2. 1979 Eischt Arbechtssëtzung mat dem Här Rauchs. Derbäi waren 4 Membere vun dem Comité vun der Associatioun an den Armand Beffort, deem seg Hëllef am lëschte Joer ganz wertvoll war, an et och nach as.

22. 2. 1979 An enger absolut pessimistescher Atmosphär tagt deen Owend de Fédératiounscomité. Kee vun äis gleewt méi drun, dat och nach nëmmen dat Allgeréingst geschit, fir dat de Problem vun den E.d.F. nach virun de Parlamentswahlen geléist kënnit gin, ob-schon dat vun Regierungssäit behaupt gët, et géing nach alles an d'Reih. Et as bal fir aus der Haut ze fueren!

1. 3. 1979 Am Fédératiounscomité steet e Brëif vun der Schëfflenger LPPD zur Diskussioun. Et handelt sech ëm e Monument fir d'Lëtzebuerger Fraen a Mammen, deenen hirt Lous am Krich awer och guer kee licht war.

Wéinst e puer Onkloerheeten gët d'Déicisioun fir e Subsid z'accorderen op spéider ausgessaat. — Et gin dann nach en etlech Korrekturen um Arbechtspabeiler vum Här Rauchs virgeholl.

2. 3. 1979 Generalversammlung vun der Däiferdénger Sëktioun.

8. 3. 1979 Am Fédératiounscomité gët d'proposition de loi Nr. 1790 nach eemol genau ënner d'Lupp geholl. Vu Fachleit opmierksam gemaach, stelle mer fest, dass des proposition de loi en etlech juristesche Onzou-länglechteeten opweist, an dat besonnesch zum Nodeel vun de Meedercher, déi an den RAD an an de KHD verschleeft gi waren. Mir versichen des Lakunen iwwert de Rapport Rauchs, deen un de Staatsminister geet, auszuebigelen.

9. 3. 1979 Generalversammlung vun der Eechternacher Sëktioun.

10. 3. 1979 Generalversammlung vun der Ram-recher Sëktioun.

15. 3. 1979 Am Comité vun der Associatioun gët d'ausserordentlech Generalversammlung vun den Delegéierten zu Waffer preparéiert. D'Komerodin Mady Nurenberg gët bestëmmt, als Delegéiert vun der Fédératioun bei der Oeuvre Gr.-Duchesse Charlotte.

17. 3. 1979 Dat as een Dag, deen an den Annalen vun onser Organisatioun mat Riesebuchtafen ageschriwe gët. Et war ganz sécher ee vun deene bedeutensten an onser laanger Geschicht. Nomettes war am Sall vun der Waffer Geméng déi ausserordentlech Generalversammlung vun der Associatioun E.F.V.N. Present waren ebenfals Delegatiounen vun der LLMIG a vun onsen Tambower. Fir eemol war de Sall ze klëng. Vill Delegéiert hu sech misse mat enger Stéiplaz zefridde gin, a nët nëmmen e puer Komeroden hu misse vum Pallier aus, baussend dem Sall, verfollegen, wat sech bannen gedoen huet. Derbäi waren och d'Deputéiert Jean Gremling and Ed. Juncker, vum stater Geméngeroot de Pierre Frieden, alles E.d.F. De Pierre Frieden as elo Deputéiert a Member vun onser stater Sëktioun.

Zur Diskussioun slong eng Ementerong vun de Statuten. Déi bis dohin pennecht gewannen politesch Neutralitéit vun der Associatioun sollt oppgi gin. An Zukunft soll kee Komerod méi misse aus engem vun onsen offizielle Grenzen austrieden, wann en e politesch Mandat ausübt. Bei der Oofstëmmung iwwert d'Entieren vun deem Paragraph vun de Statuten, waren vun deenen 200 Delegéierten 5 gergent an een huet sech enthalen. All déi aner waren derfir.

No laangen an hëtzege Diskussiounen knaf den Zentralcomité den Opdrag, eegen E.d.F.-Kandidatenreschten fir d'Parlamentswahlen vum 10. Juni 1979 opzestellen an ze presentieren. An zwar sollt dat geschéien am Süden, am Norden an am Osten. Am Zentrum sollt keng Lëscht opgestallt gin, mais duerfir sollt do d'Lëscht Jean Gremling ënnersetzt gin, an dat mar alle Mittelien. Bei der Oofstëmmung iwwer dee Punkt

hun 9 Delegéiert dergéint gestëmmt an dräi anerer hun sech enthalen.

Et war dat e schwéierwiegende Beschluss. Mir hun äis këng Illusioune gemaach, well mir wossten, wat elo op äis duerkeim. Och nodeem des gewaltig Décisioun zu Walfer gefall war, hu mir nach gehofft, nèt an de sauren Apel bäissen ze missen. Nach hu mer gehofft a geleeht, et misst dach nach eppes geschéien, wann den Här Rauchs den 22. Mäerz dem Här Thorn säi Rapport iwwerrecht huet. Wat do dran stong, konnt jiddereen am Bulletin Nr. 5/1979 noliesen.

22. 3. 1979 De Fédérationscomité analyséiert d'Décisioun, déi an der Assemblée générale extraordinaire vun der Associatioun zu Walfer geholl gi war. Et gët jidderengem kloer, dass dat, wat an den nächste Méint geschéiehe muss, alles anescht wéi e Kannerspill as. Et géllt a kierzester Zäit Kandidatenlëschten opzestellen an eng Wahlkampagne ze organisieren. Spontan stellt deen Owend de Metty Scholer, President vun den Tambower, seng Kandidatur. Vun elo un iwwerstierzen sech d'Événementier a mir gin enger ganz schwéierer Zäit entgéint.

29. 3. 1979 Zu Gréivemaacher gin vun 40 Delegéierten aus dem Osten 6 Kandidaten bestëmmt fir d'Wahlen vum 10. Juni.

30. 3. 1979 Zu Nidderkuer gin vun 60 Delegéiert 24 Kandidaten fir d'Wahlen bestëmmt.

31. 3. 1979 Generalversammlung vun onser Steeseler Sektoun.

1. 4. 1979 Zu Klierf bestëmmt e volle Sall 9 Kandidaten fir den Norden.

5. 4. 1979 De Staatsminister G. Thorn huet eng Delegatioun vun onser Fédératioun bei sech gebieden. Onser Delegatioun hun ugehéiert: Jos. Weirich, Metty Scholer, Jheng Hames a Benny Jacob. Den Här Thorn deelt mat, dat de ganze Froekomplex vun den E.d.f. de 6. Abrël 1979 am Conseil des ministres behandelt géif gin. En deelt eise Komeroden weider mat, dat den Helmut Schmidt, den däitsche Bundeskanzler den 1. Mee op Lëtzebuerg kéim. Den Här Thorn géng dann ons Entschiedegong zur Sprooch bréngen. Weider seet en onsen Delegéierten, den 8. Mee géng den Här Moeller no Lëtzebuerg kommen, an den H. Ch. Reifers treffen, an dat wéinst der Entschiedegong vun den E.d.f. Deemols hu mir äis gefrot: As dat Wierklechkeet oder jhust nëmme Wahltaktik? Haut wësse mer et besser.

5. 4. 1979 Am Fédérationscomité gët unanim beschloss, nèt beim Schmidt-Besuch ze démonstréieren. Mir liwweren dach nèt selwer dee Stréck, mat deem se äis gären ophänke géingen.

Mat der Begrënnung, mir géingen äis nèt mat de Preisen un een Dësch setzen, gët decidéiert, dat d'E.d.f. sech nèt un den Europawahlen bedeelegen.

6. 4. 1979 Generalversammlung vun der Escher Sektoun.

7. 4. 1979 Dat as nees e mémorabelen Dag. Eng Urn, déi ons Komeroden mat vu Sonnenburg bruecht haten, sollt an den Escher Musée kommen. Entgéint verschidden Intrigen an Awenn, an op Grond vun de gudde Relatiounen vun eisen Escher Komeroden mat den Gemengenautoritéiten, konnt d'Urn dann dach dohinner kommen. An enger ergräifender Feier, enner dem Impuls vum Jhempy Hamilius, President vun der Escher Sektoun, huet des Zeremonie a Presenz vum Vertrieeder vum Haff, dem Här Guy De Muysier, den Deputéierten J. Wolter a J. Gremling, dem Scheffen Schmitz, dem Här Paschtouer Hansen, an der Bedeelegong vun alle Sektounen aus dem Land, déi Bedeitong krit, déi er zoukënt.

7. 4. 1979 Generalversammlung vun der Walfer Sektoun.

10. 4. 1979 De lëschten Délais fir d'Kandidatenlëschten an denen dräi Bezierker ze déponéieren. Eis lougen schon de 5. Abrël vier.

19. 4. 1979 Organisatioun vun onser Wahlkampagne. Esou Arbechtssätzungen gouwen et vun elo un eng ganz Rëtsch. Ech zielen se hei nèt weider op.

27. 4. 1979 Generalversammlung vun der Sektoun Uewerkuer.

27. 4. 1979 Opklärungsversammlung zu Sandweiler, gehalen vun onse Komeroden vun do.

28. 4. 1979 Enner der Leedung vum Mady Nurenberg gët e Mémoire ausgeschafft iwwert déi spezifesch Problemer vun de Meechercher, déi an den RAD an an den KHD verschleeft gi waren. Dest Dokument sollt als Ennerlaag déingen, wann de Problem vun den E.d.f. an der Chamber eventuell dach nach zur Diskussioun komme sollt. Et gouf der Regierung mat Brëif vum 3. Mee zougestallt. Dat as e weidere Bewäis derfir, dat mer deen Ament nach nèt all Hoffnung oppin haten, eis Saach nach virun de Chamberwahlen geléist ze kréien.

6. 5. 1979 Enner dem Motto: «35e anniversaire de l'Union», war deen Dag eng Versammlung vun der Unio'n. Mir waren nèt dohin invitéiert, mais et gouf vill vun äis geschwat.

Et stong doriwwer am Escher Tageblatt vum 7. 5. 1979 ze liesen: «Eine Absage an die Zwangsrekrutierten.» Hannerun deser Balkeniwerschreift konnte mer, enner anerem, dat hei liesen: «Auch Roger Linster erteilte den Zwangsrekrutierten eine strenge Rüge. (hu mir dat verdingt?) indem er sagte, daß jemand, welcher als Patriot gelten wolle und behauptet, seiner Heimat große Dienste geleistet zu haben, nicht den letzten Hosenkноп für seinen Patriotismus zurückverlangen könne, andernfalls er ja dann seiner Heimat praktisch keinen Dienst erwiesen habe.»

As dat nèt dach e wéineg ze wäit gaangen? Mäis hätten déi do Leit sech an der Zäit, an och nach haut, selwer un dee gudde Root ge-

halen, a wat nach méi wichteg as, selwer derno gehandelt, — — — mir géingen haut nèt hei sätzen, well mer kee Grond, këng Ursach hätten. Wat mir froen, dat hun si scho laang, an eis hun si et viirethalen, nodeem se sech selwer geseent haten. Wann ee vun sech ooflänke wëllt, da muss een, wéi déi vun der Unio'n, deenen aneren vierwerfen, si géingen de lëschte Boxeknapp z'reckfroen. Nu je! Loosse mer äis nèt laang doriwwer ophalen a v'läicht nëmme jhust un déi sellegen Demanden erënnere, déi sengerzäit dem Office des Domages de guerre presentéiert gi sin, wou an X Dossier'en selwer Couvert'en, eechen Salle-à-manger'en a Schloofzëmmer, masseg Léingend, etc. . . . etc. . . . opgefouert waren, a behaupt gouf, dëst wär alles am Krich fortom, an dat vun Leit, déi déi Saachen sengerliwwen nèt haten. Esou Demanden si këng vun den E.d.f. presentéiert gin.

Wat waren dann die Mentiounen I., II., an III. Grades? Z. B. beim Staat, wou Persounen domat d'Traap erop gehäit gi sin. Waren dat och nëmme Boxeknapp?

Fir hei ganz präzis ze sin, siew dest be-
tount: Eis Stelling vis-à-vis vun der Resistenz as ganz kloer. Resistenz as der vill bei äis am Land gemaach gin. Hir gouf en héigen Blutzoll oofverlaangt. Mir zwiwwelen berechtigt Mériter glat nèt un, a mir vernäipen äis déif virun den Affer vun déier Résistenz.

Deem géintiwirer steet et enger handvoll Leit glat nèt zou, iwwer d'E.d.f. zu Geriicht ze sätzen. Egal wéi clever esou Leit no baussen sech gin, mir loosse äis nèt a Kategorien vu gudden, manner gudden a schlechte Lëtzebuerger andeelen. An dann! Stellt iech emol vier, wann een deene Leit do hir Theorie weider entwëckele géing, da misst d'ganz Land, all déi Leit, déi méi al sin ewéi mir, miserabel schap-
pech Lëtzebuerger gewiescht sin, déi ons Generatioun op d'Welt gesaat hun, bei deene mir an d'Schoul gaange sin, an aus äis Leit gemaach hätten déi näischt gedaacht hätten, këng patriotesch Haltung vis-à-vis vum Okkupant gewisen hätten. — A wanns de nèt geess!

8. 5. 1979 D'Lëtzebuerger Sektoun leet Blumen néier beim Monument national de la déportation civile et militaire zu Hollerech op der Gare, als Erënnong un den Armistice vun 1945.

10. 5. 1979 An der Cathedral as d'Mëss fir déi gefaalen, vermëssten an no dem Krich fréizäitig versterwen Ugehéireg vun de Joergäng 1920 bis 1927. Et hun ganz vill Komerodinnen a Komeroden vun äis, mais och vill Leit, déi mat äis sympathisieren drun deelgeholl. Wéi all Joer, gouf d'Mëss verschéinert duerch de Gesank vum Monnercher Kannerchouer enner der Leedong vum Här Léo Kreins.

12. 5. 1979 Zu Merzeg gët e Monument age-
weiht. D'Festried huet onse National-
president Jos. Weirich gehalen.

12. 5. 1979 Zu Dikkerech war d'Begriefness vum Komerod Roger Thielens, en Tambower.

12. 5. 1979 Generalversammlung vun der Diddelénger Sektoun.

13. 5. 1979 Journée commémorative zu Stroossen.

13. 5. 1979 Commémoratiounsfeier zu Uewerkuer.

17. 5. 1979 Deen Dag war d'Commission des rubans zesummen an der Stad.

17. 5. 1979 Am Commerce op der Plësdarem waren all Komerodinnen a Komeroden zesummen, déi op de Wahllëschten vun den E.d.f. kandidéiert hun.

20. 5. 1979 Eis Organisatiounen huelen deel un enger Zeremonie virun dem Klëppelkrich-Denkmal, déi vum Fr. Mersch organiséiert gi war.

24. 5. 1979 Mir kréien e Brëif vun dem H. Chamberpresident, wouran en äis den Avis vun der Chamber-Spezialkommissioun matdeelt, déi sech den 23. 5. mat der proposition de loi Nr. 1790 befaasst hat.

24. 5. 1979 Eroffersdag gët zu Ohn e Monument ageweit. D'Festried huet de Jos. Weirich gehalen.

25. 5. 1979 Éischt Generalversammlung vun der Association des survivants des E.d.f. zu Lëtzebuerg am Commerce.

26. 5. 1979 Zu Stroossen gët de Sall preparéiert, an deem de nationale Kongress vun der Associatioun oofgehalde gët.

26. 5. 1979 Zu Rëmléng gët de Bouclier «ons Jongen» presentéiert.

27. 5. 1979 National-Kongress zu Stroossen, deem eng besonnesch Bedeitong zoukoum. Wéinst engem Organisationsfehler war e Mëssverständnis tëschen der Associatioun an der Stroossener Sektoun entstanden, deen awer am lëschten Ament konnt ausgebigelt gin, esou dat de Kongress sech an enger gudder Atmosphär oofwëckele konnt. Et waren 153 Delegéiert do, an beim Éirewäin, deen d'Gemëng Stroossen offeréiert huet, sin 34 Rubans en argent an 2 Rubans en or un verdingschtvoll Memberen verlihe gin.

28. 5. 1979 Wahlversammlung zu Ettelbreck

29. 5. 1979 Wahlversammlung zu Gréivemaacher

30. 5. 1979 Wahlversammlung zu Dikkerech

31. 5. 1979 Wahlversammlung zu Äischen

1. 6. 1979 Wahlversammlung zu Téiteng

1. 6. 1979 Wahlversammlung zu Waasserbëlleg

2. 6. 1979 Wahlversammlung zu Monnerch

4. 6. 1979 Péingschtmeendeg. Zu lechternach

an der Basilika war Mëss a Gedenkfeier fir ons gefaalen a vermësste Komerodinnen a Komeroden vun do. Dee selwechten Dag as owens de President vun der lechternacher Sektoun gestuerwen, den Hartmann Armand, deen de ganzen Dag duerch derbäi war.

5. 6. 1979 Wahlversammlung zu Wolz an zu Réimech

6. 6. 1979 Wahlversammlung zu Klierf



6. 6. 1979 Wahlversammlung zu lechternach
 7. 6. 1979 Wahlversammlung zu Rëmléng
 7. 6. 1979 Wahlversammlung zu Jonglënster
 7. 6. 1979 Begrieffnëss vum Komerod Hartmann Armand vun lechternach.
 8. 6. 1979 Wahlversammlung zu Lëtzebuerg an zu Mondorf.
 10. 6. 1979 Parlamentswahlen. Am Nomëtteg hatten eis Leit eng Permanence age-riicht am Commerce an der Haptstad. Wann een deen Owend déi verschidde Parteileit observéiert huet, konnt ee feststellen, dat bei engem Deel vun hinnen d'Gesichter ëmmer méi laang gi sin, a. z. esou, dat deen aneren Dag de Coiffeur méi deier gin as. Vu, dat d'Resultater, déi ons Lëschten erreecht haten, bekannt sin, wier et méisseg haut an hei nach vill Wieder driwer ze verléieren. Erlabt mer trotzdeem, dat ech e pur Chifferen hei nennen, well se interessant sin. Esou z. B. am Norden: Useldéng mat 13,94% vun de Stëmmen, déi oofgi gowen. Rammeréch mat 11,55%. Am Osten: Mertert mat 11,75% a Réimerschen mat 15,66%. Am Süden: Péiteng mat 10,45%, Simmern 11,63% an dann dat immenst gut Resultat vun Habscht/Äischen mat 16,87% vun de Stëmmen. Haut am Verlaaf vum Dag kréien all déi speziell Merci gesot, déi op de Wahllëschten vun den E.d.f. kandidéiert hun. Ech sin vum Zentralcomité speziell char-

géiert gin, de Présentateuren vun eise Lëschten, dem Reding Alphonse aus dem Norden, dem Pierre Hochweiler aus dem Osten, an dem Jhempï Hamilius aus dem Süden e grouse Merci auszeriichten. Ech géing si bieden, dese Merci weider ze reechen un all déi Komeroden, déi als Zeien ënnerschriwwen hun.

13. 6. 1979 Eise President, deen vun elo un Deputéierten as, huet eng Entrevue mat Vertrieeder vun der CSV.
 14. 6. 1979 Analys vun dem Wahlresultat duerch de Fédérationscomité.
 15. 6. 1979 Eise President huet eng Entrevue mat Leit vun der LSAP.
 15. 6. 1979 Begrieffnëss vun der Madame Milli Hurst, der Fra vun onsem vill ze fréi verstuerwenen an onvergiessleche Komerod Fernand Hurst.
 16. 6. 1979 Entrevue mat der DP.
 17. 6. 1979 Zu Schëffléng gët d'Monument fir d'Fraen an d'Mammen ageweihet.
 21. 6. 1979 Am Holiday Inn Hôtel, am Centre Européen, sin deen Dag sämtlech Kandidaten zesummen, déi op den E.d.F.-Lëschten kandidéiert haten.

(Suite am nächste Bulletin)